Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

An Däitschland ginn aktuell Fäll gemellt, wou ëffentlech Luetstatioune futti gemaach goufen. Ënnert Anerem goufen op d'Schnellluetstatiounen d'Luedekabelen ofgeschnidden a geklaut.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Goufen et och schonn esou Fäll zu Lëtzebuerg a falls jo, wéi oft ass dëst an de vergaangene Jore geschitt?
2. Gëtt d'Méiglechkeet vu Vandalismus beim Bau vu Luetstatioune berécksiichtegt a falls jo, wat fir virbeugend Moossnamen ginn heigéint ënnerholl?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten